N°3228
Entrée le 05.01.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 3228 vum 24. November 2025 vum honorabelen Deputéierten Här Sven Clement.**

*1. Ass d'Regierung sech vun dëser Lück an der postnataler Versuergung fir Famillje vun ze fréi gebuerene Kanner bewosst?*

D'Hausvisitte vun Hiewanne fir ze fréi gebuere Kanner war een Thema, dat vun der Association luxembourgeoise des sages-femmes (ALSF), souwéi och vun de Neonatologen aus dem Centre hospitalier de luxembourg evoquéiert gouf.

Doropshin hunn d'Gesondheetskeess (CNS) an d'ALSF eng Demande standardisée an d'Nomenclaturskommissioun agereecht, ënner anerem fir follgenden neien Akt an d'Nomenclature vun den Hiewannen ze integréieren:

> *"VSF65 : Intervention au cours du post-partum ou pendant la période de l'allaitement du nourrisson, sur ordonnance médicale, en dehors du forfait prévu sous VSF61 et VSF62, en cas d'affection"* mat där heiter Remark: *"le code VSF65 ne peut être mis en compte qu'en présence d'une ou de plusieurs affections suivantes :*
>
> - *Prématurité,*
> - *Insuffisance pondérale,*
> - *Engorgement mammaire."*

Dës Upassunge vun der Nomenclature vun den Hiewanne sinn an der Nomenclaturskommissioun vum 26. November 2025 gestëmmt ginn a wäerten Ufank nächst Joer an déi reglementaresch Prozedur agereecht ginn.

*2. Wéi vill Famillje mat ze fréi gebuerene Kanner sinn an de leschte Jore vun dëser Reegelung betraff gewiescht, an huet de Ministère Donnéeën iwwert hiren Zougang zu Hiewannen-Hausvisitte gesammelt?*

De Ministère fir Gesondheet a sozial Sécherheet huet déi gefroten Donnéeën net.

*3. Wéi eng Moossname plangt d'Regierung fir sécherzestellen, datt Famille vun ze fréi gebuerene Kanner eng adäquat Hiewannen-Ënnerstëtzung no der Spidolsentloossung kréien, onofhängeg dovunner, wéini d'Gebuert war?*

Duerch de Vote vun den Upassunge vun der Nomenclature vun den Hiewannen an der Nomenclaturskommissioun vum 26. November 2025, sinn ab dem Akraafttrieden vun de gestëmmte Coden VSF65, VSF73 an VSF74 all Kanner bis 2 Joer mat *"problèmes d'allaitement"* ofgedeckt wat Hausvisitten vun Hiewannen ugeet.

*4. Iwwerleet de Ministère, fir d'Tarifsbestëmmungen sou unzepassen, datt déi Period vun dräi Woche fir Hausvisitte vum Datum vun der Spidolsentloossung u géif gerechent ginn amplaz vum Gebuertsdatum un?*

Et ass net virgesinn, datt déi Period vun dräi Woche fir d'Hausvisitte vum Datum vun der Spidolsentloossung u gerechent gëtt amplaz vum Gebuertsdatum un.

D'Recommandation circonstanciée déi de 26. November 2025 votéiert gouf, gesäit een neien Akt VSF65 vir, dee vun den Hiewannen op medezinesch Ordonnance prestéiert ka ginn. Dësen Akt ass net limitéiert an der Unzuel a gëllt, wéi an der Remark spezifizéiert, ënner anerem bei Prematuréen.

Lëtzebuerg, den 5. Januar 2026

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez